Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/03/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.

Vum 18te bis den 21te Mäerz sollt d'Well-Being-Konferenz zu Lëtzebuerg stattfannen. Dës Konferenz, déi vum STATEC organiséiert ginn ass, gouf wéinst der COVID19-Epidemie ofgesot. Dës Ukënnegung kënnt iwwerraschend, well de Gesondheetsministère an senge Recommandatiounen op senger Website Folgendes schreift

> "Le gouvernement recommande-t-il de restreindre certaines activités commerciales ou visites en raison de la situation sanitaire liée au nouveau coronavirus ? Non. Le gouvernement n'a émis aucune directive à ce sujet. Les activités commerciales, les visites et le tourisme peuvent être poursuivis."

an d'Gesondheetsministesch no enger Chamberskommissioun vum 3te Mäerz nach eng Kéier betount huet, dass d'Betriber sech de Recommandatioune vun der Weltgesondheetsorganisatioun alignéiere sollen an et heescht, datt de Moment keng Evenementer wéinst dem Virus mussen annuléiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Hat de STATEC Récksproch mat der Inspection sanitaire, éier d'Konferenz annuléiert gouf?
2. Huet de Finanzministère eng aner Approche zum COVID19 ewéi de Gesondheetsministère an d'WHO? Falls jo, firwat?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député